

WANDROUS

N°368 Spiirkel / Lenzmount / Fréileng 2018
Februar / März / Abrëll



„104 Joër hun mer stoltz
onsen Léif op der Broscht
gedroën.

Den neien Logo ass keen
,renouvellement‘ mee e
strahlt ons Stärkt, ons
Tradition an ons
Engagement vis-à-vis
vun onsen Scouten aus.

Vive d‘Lions Bleus fir déi
nächst 104 Joër,,

Kënnt 5 mol pro Joër raus
Abonnement 25,00 Euro
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
Chefredakter: MOYANO Guy (Crotale)
 > resp. CheffenEkipp LBB
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu
Tel: 49 50 51
<http://www.lionsbleus.lu>



Lies d’Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!







Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!



Paulinstrasse 25




D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiando wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiando eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeér gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach émmer Cheffen do, di sech ém Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home énnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach émmer gebotzt an énnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfelen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlich.

Dofir énnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*

vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000

mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!


** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach émmer mat Fréd dobái!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

TECHUANA 2018 TECHUANA_wanter'18



TECHUANA 2018 “Der Berg ruft”



Départ:

RV --> Freides den 9.Februar 2018 um 18:30 Auer am Home vun den Lions Bleus.



fir déi Leit déi matginn...
(Liana, Ketty, Alekisis, Harry, Charel, Max,
Paco, Grizzly, Maki, Manul, Tamia & ...???)

D'Valise ass oofzeginn
Mëttwochs, den 7.02.2018 ab 19:15Auer
Skimaterial & klengen Rucksack
alles Mëttwochs oder Freides matbrèngen.

“Mir freen eis schon op dëch an op den Schnéi!
d'LBB Schnéihuesen”



P.S. Denkt un är Iwwerweisungen :)

Déi genee Détailier fann der an der letzter Wandrous oder online --> entweder 365€, 550€
Sinn bis spéidstens den 27.01.2018 op den BCEB IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 - Les Lions Bleus asbl-Rover ze viréieren...

Cotisatioun 2018

Cotisation 2018

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwer an daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un.
Wéi all Joërs ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joërs sinn **25,00** Euros op
den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000 vun den Lions Bleus** ze iwwerweisen.

Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen,
den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nüt oder ze spéit iwwerweisen, oder soss
opwenneg juristësch Schrëtter énnerhuelen :), ass all Member gebieden séng Cotisatioun ze iwwerweisen
soubal wéi d'Memberskaart ukomm ass.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen
d'Memberskaart fir d'Joërs 2018 zou, ier dat bezuelt ass.

Dofir ass ét elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng
Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët.
Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister
(alias Eyra farceur)



Sortie ,Vitarium‘ fir d’Wöllefcher (LX)

Léif Wöllef,

dëst Joër ginn mir den 10.Februar an de Vitarium zu Bissen !
Do kréien mir d`Luxlait Fabrik gewisen a kréien erkläert wou eis
Mëllech eigendlech hier kënnt ;)

Natierlech gët do hët hëmmen geschwaat,
mee och geschmaacht :)

Mir hoffen dat dir Allegueren
dobäi sidd wann ma een Stéck
Lëtzebuerger Kultur besichen ginn...



Rendez-Vous: Samstes, den 10.02.18 um 09:45 beim Vitarium

(Luxlait Association Agricole Am Seif, L-7759 Roost / Bissen, Luxembourg)

Retour: Samstes, den 10.02.18 um 16:00 op der Gare Centrale Lëtzebuerg

Präiss: **6 Euro** sinn op den Rdv matzebréngen !!!

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 20.01.2018 !!!

Waat brauchs du: Dem Wieder ungepassten Kleeder, Bierschong, Bidon (gefëllt mat Waasser) & **Pic-Nic** fir Mëttes ...

Heimat erlaaben ech

méngem Wöllefchen


den 10.02.2018 mat op d‘Sortie ,Vitarium‘ ze goën.

Ënnerschrëft

LUXLAIT

vitarium

BACK TO CHILDHOOD



Roverquiz vun de Panthères Noires an de Wëll Sai

24. Februar 2018

Wou?	home FNEL - Cents
Wéini?	18:30 Auer (Start um 19:00 Auer)
Präis?	15€/Persoun iwwerweisen op de Konto: LU71 0029 1496 4537 0300(BIL)
Umellen?	bis den 3. Februar , als Ekippen vun 6 - 8 Leit mat der Unzel vu Menu'en (vegetaresch oder net) op roverquiz.2018@gmail.com

BAACK-Aktiouun/SORTIE den 24.02.18...

fir SG/EX/RV

Grouss BAACK-Aktiouun'18 bei den bloën Léiwen



Ënnerstëtzt eis ALLEGUERTEN...
op aktiven Member, Amicale, Elteren, Famill,
Noperen oder Frënn....

an bestellt bei eis lecker Kichelcher,
fir dat mir genuch ze dinn kréien :)

kleng / grouss Tuut Kichelcher --> 3€ ou 5€
petit / grand sachet de biscuits --> 3€ ou 5€




BAACKSORTIE?

Wéini & wou? Samstes, den 24/02/2018 zu Bouneweg am Home
Start 9 Auer & Fin 18 Auer!

Waat brauchs du op der Sortie? Daat waat e SG, EX, RV sou brauch op enger Sortie.
Evtl Kachschirtech & vill Motivation :):)

Präiss? --> 8€, fir den Mëtteskascht & Co., sinn bis spéidstens den 03.Februar 2018 ze
iwwerweisen op de Compte: Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)
mat der Mentioun 'BaackSortie & Numm vum Participant'
Umeldung? per Souche, bis den 10.Februar 2013 bei déngem Chef.



FIRWAAT sou eng Baack-Aktiouun?

Dës ass geduecht fir zousätzlech d'Geld zesummen ze kréien, fir eisen
Summercamp SAIL '18 an Holland zesummen mat den Scouten, Explorer & Rover.

Sou können mir den Präiss vum Camp relativ déif haalen, an eis och nach e flotten Camp T-shirt dovunner leeschten...
Dofir ënnerstëtzt eis w.g.l. an bestellt lecker selvergebaacken Kichelcher fir den gudden Zweck :)

Heimat erlaaben ech _____ mengem(er) Hobbybäcker(eg) _____
un der grousser Baack-Sortie'18 den 24.Februar 2018 deelzehuelen

Ënnerschrëft

---> Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher <---

Ech (Je) _____

bestellen gären (veux commander)



- ____ x kleng Tuut (petit sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss vun 3€
____ x grouss Tuut (grand sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss vun 5€



Ënnerschrëft (signature) vum zukünftegen Kichelchersknabberer

--> Méng Kichelcher kann ech deen Samsteg tëschend 14-18Auer am Home oofhueulen kommen an bezuelen --

Sortie „Piraten“

fir d'Beaver (BV)



De Leo Leiw huet eng Schatzkaart sonnt an sëch direkt op de Wee op d'Insel gemaach. Leider ass hien an en Strait mat sénger Piratencrew komm an d'Kaart ass elo an Stécker zerrappt ginn. All Mitglied huet sëch dann alleng op d'Sich nom Schatz gemaach. Den Leo Leiw brauch elo d'Helléf vun tapferen Beaver Piraten fir all d'Stécker vun der Kaart zesummen ze bréngen an de Schatz ze fannen.

Wéini: Samsdes
10.03.2018 vun 14 bis 20 Auer.

Wou: Home Lions Bleus

Präiss: 5 €

Unmeldung per Souche:
oofzeginn bis den 17.02.2018

Material:

Klenge Rucksack, Bidon mat Waasser...



Heimat mellen ech mäin Kand

..... fir Piraten Sortie den 10.03.2018 un.



Datum..... Signature.....




Wappen

Kenns
du Staat
Lëtzebuerg...■

RV ass émmer bei der Haaptentrée
vum Parking Glacis

Start_ 9:30 Auer / Fin_16:15 Auer

Staat-Spill 2018



JO du lies RICHTEG,
dëch erwaarden Biller, interess-
ant Froën, vill Spiller & Präisser
... :::

10. März 2018

Dapp and the City

D'Scoutsekipp invitíiert iech häerzlech op den Explo 2018 an der Metropol Lux-City! Dëst Joer maache mir e klénge Citytrip duerch eis wonnerschéin a geschichtsträchteg Haaptstad a mir entdecken heibäi e puer schéin Ecker déi net an engem Touristebiichelche stinn.

Präiss:

Gratis > soulaangs du dëch zur Zäit unmells bis den 20.01.18 !!!

Material:

Pick-nick, Bidon gefällt mat Waasser, K-Way, eppes fir op de Kapp, Uniform & Foulard...

Sortie „Misärshaff“ fir d’Wöllefcher (LX)

Zesumme mat **DIR**, maachen mir eis op de laangen Wee op den Misärshaff, fir do verschidden flott an eenzegaarteg Aktivitéiten ze maachen déis du esou nach nüt gesinn hues !

An mir schwätzen nüt vun Trëppelen, Piste-Postes oder Gänsespill, mir mengen domadder sou Saachen wéi een Vulkan bastelen oder Déieren am Waasser sammele goën !



misaershaff 
centre de formation jeunes

Rendez-Vous: Samstes, den 07.04.18 (dái genee Auerzäit & Plaatz vum RV kritt dir nach gesoot)
Retour: Samstes, den 07.04.18 (dái genee Auerzäit & Plaatz vum RV kritt dir nach gesoot)

Präiss: /

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 17.03.2018 !!!

Waat brauchs du: dem Wieder ungepassten Kleeder, Biergschong/Stiwwelen, evtl. eng Reenbox, Bidon(gefellt),
Pic-Nic fir Mëttes,
an fir ze bastelen > 0.5 l PET Fläsch (eidel)



Heimat erlaaben ech
ménge Wöllefchen
mat den 7. Abrëll 2018 op d'Sortie op den Misärshaff ze goën.

Ënnerschrëft:

Ouschter-Camp

fir Scouten(SG)

GEHEIM ORGANISATIUNS OUSCHTERCAMP...

SCOUTEN DIR MUSST MIR HËLLEFEN !!!

ECH SINN DE MISCH VU WËLWERWOLZA BRAUCH HËLLEF...



TOP SECRET

ECH HUNN SÄIT MÉINT SCHON DAAT GEFILL
DASS EE MIR GÉIF NOGOEN A MECH KONSTANT
AM AAN HUNN.

ECH HAT AM DEZEMBER EN BRÉIF KRUT MAT
ENGEM LOGO AN ENGER USCHRËFT FIR ISRIK.
ECH HUNN ABSOLUT KENG AHNUNG WAT DAT
ASS A FIR WAT ECH DAT KRUT MA NODEEMS
HUET ALLES UGEFAANGEN. SCOUTEN DIR
MUSST MA HËLLEFEN ECH KANN NET MÉI ESOU
WIEDER MAACHEN ECH, MIR MUSSEN DAT ZU
ENGEM EN BRÉNGEN!

AN ECH WEESS OCH WÉINI. MIR HUNN NËMMEN

DRÄI DEEG ZÉIT AN DÉI SINN DEN 13./14.&15.ABRËLL 2018 !!!



TOP SECRET

DEPART : Freides 20180413_9:30 op der Gare de Luxembourg...

RETOUR : Sonndes 20180415_16:30 och op der Gare de Luxembourg...

TOP SECRET

PRAISS & SOUCHE:

32£ (35€) sinn ze iwwerweisen bis spéitsdens den 6. Januar 2018 op den Compte:
Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun "ISRIK'18+Numm vum Scout"

MATERIAL : Uniform, Schloofsaack & Carrymatt, Täscheluucht, Täscuemesser,
Gamelle/Besteck/Beher, Kichenduch, dem Wieder ugepassten
Kleeder, dem Agent sain perséinlecht Material, Biergschong,
Wäschsaachen, Pyjama ...



TOP SECRET

TOP SECRET

HEIMAT ERLAABEN ECH _____

MÈNGEM SCOUT/GUIDE



DEM _____

OP DEN OUSCHTER-CAMP
VUM 13. BIS DEN 15. ABRËLL 2018 MATZEGOEN.

DATUM&ËNNERSCHRËFT: _____

FNEL Sixplo

fir d'Wöllefcher (LX)

Fluch der Karibik, Jurassic Park, Transformers, Verwünscht, Die schöne und das Biest...Daa sinn alles Filmer déi's du kenns ?!?

Explosiounen, Special Effekter, Zauberei...
Sinn alles Saachen déi's du gären hues ?!?

Dann komm mat an HOLLYWOOD !!!

Nee, du brauchs dofir nüt an Amerika ze fléien, dofir hun ma jo den Sixplo ;)
Dëst Joer wärt séch bei den Aigles am Rolléngergronn alles ém Filmer dréinen.

Also mell dëch séier heifir un !!!



HOLLYWOOD

Weini: 21.-22.04.2018 fir d'Sixer

& 22.04.2018 fir all Wöllefcher

Rendez-Vous: 21.04_Samstes fir d'Sixer um 14.00 Auer beim Fräheetsbaam zu Stroosse

22.04_Sonndes fir all déi aaner um 9.15Auer der Gare Centrale de Luxembourg

Retour: 22.04_Sonndes fir Jiddereen um 16.30Auer op der Gare Centrale de Luxembourg

Präiss: **18€** fir SIXER & **5€** fir all Wöllefchen, sinn ze iwwerweisen bis den 1.03.2018 !!!
op den Compte 'Les Lions Bleus-Meute' mat der Mentioun: SIXPLO'18+Numm vum
Participant (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 10000)

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 24.02.2018 !!!

Waat brauchs du:

SIXER: Chique Verkleedung fir den Gala(wässt Hiem/Polo, donkel Box), Gamelle(Gamelle, Besteck/
Becher, Kichenduch...) fir Samstes, Lunchbox fir Sondes an alles waat den Wöllefchen sou brauch fir e
Weekend (Carrymatt, Schloofsaack, Schloof- & Wäschsaachen).

WÖLLEFCHEN:

Pic-Nic fir mëttes, Uniform, dem Wöllefchen seng 7 Saachen an dem Wieder ungepassten Kleeder...

Heimat erlaaben ech
mëngem Sixer vum 21.-22.04.2018
mëngem Wöllefchen den 22.04.2018
um Sixplo vun der FNEL deel zehuelen !

Ënnerschrëft:

Sortie „Päiperlèck“ fir d’Wöllefcher (LX)

Bagheera: So Baloo, wees du dat ét ee Päiperléksgaart zu Gréiwemaacher gët ?



Baloo: Wierklech! Nee daat wousst ech nüt...



Bagheera: Ma dach! An dee soll mega flott sinn!

Baloo: Ma da ginn mir mat all eisen Wöllef aus der Meute dohinner ons deen ukucken...

Wann’s du mat der Meute all déi schéin Päiperléke kucke goën wëlls, dann mëll dëch séier bei déngen Cheffen un !!!



Rendez-Vous: Samstes, den 05.05.18 um 14:00 beim Gaart

Retour: Samstes, den 05.05.18 um 17:00 beim Gaart

(Jeweils émmer > Route de Trève L-6793 Grevenmacher)

Präiss: **5 Euro** sinn op den **Rdv matzebréngent !!!**

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 14.04.2018 !!!

Waat brauchs du: Uniform, dem Wieder ungepassten Kleeder, Bierschong, Bidon...



Heimat erlaaben ech

méngem Wöllefchen

den 05.05.2018 mat op Sortie Päiperléksgaart ze goën.

Ënnerschrëft



SAIL '18 Summercamp fir SG,EX,RO...



Sail'18



An nët emol mèi 6 Mèint geet ét lass :) :)

Zesummen mat den Mamer Wiselen an am Ganzen zu 70 Scouten. Grouss & kleng, énnerwee um Issel- & Wattenmier... Duerch dèi stolz Zuel un Hobbysegler, hu mir dann och drai Segelbooter gelount :) :)

Weini?

Freides 20.07.2018 - Sonndes 29.07.2018

Start & Retour?

zu Mamer am Kinnèksbond > Détailier kommen no.
FR 20.07.18 > RV moies +/- 10-11Auer
SO 29.07.18 > RV owes +/- 18-19Auer

Präiss?

> 500€ > am Präiss ass 1 Camp T-shirt, Foulard & Badge

Paiements?

Acompte 1 = 200€ > bis den 24/10/17
Acompte 2 = 200€ bis 31/01/18
Acompte 3 = 100€ bis 30/04/2018
op den Compte: Les Lions Bleus-Rover
(BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)

BaackAktion?

> 24. Februar 2018 (détails Säit 07)
Énnerstëtzzt EIS !!! an bestellt/kaaft
eis lecker KICHELCHER :)

Camp T-shirt?

D'Souche schnellstmèiglechst beim
Atra/Tamia oofzeginn.

Elterenversammlung?

Mëttwoches, den 18/04/18 um 19Auer am Home vun den Mamer Wiselen!>>> obligorësch
fir JIDDEREEN deen matgeet!

<u>COMMANDÉ T-Shirt's:</u>	
Ech bestellen gären heimat:	
GRATJS Camp T-shirt Supplém.T-shirt (zu mengen Laaschten)	
S ____ x	S ____ x
M ____ x	M ____ x
L ____ x	L ____ x
XL ____ x	XL ____ x

Ënnerschrëft:



Léiwefest'2018

fir Jiddereen...

CIRCUS

BLOË BEIM LÉIW



SAVE THE DATE

SAMSDEN, DEN 14 JULI 2018



Programm Beaver


BV - Programm

Februar

03.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
10.+17.	keng Versammlung (Vakanz)	
24.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

März

03.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
10.	SORTIE	
17.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
24.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
31.	keng Versammlung (Vakanz)	



April

07.+14.	keng Versammlung (Vakanz)	
21.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
28.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

Mai

05.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
12.	FNEL Beaver-Funday	
19.+26.	keng Versammlung (Vakanz)	

Juni

02.	SORTIE	
09.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
16.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
22.	FAACKELZUCH & GrillStand LBB	



Beaverklack


Spitzky, Hawky, Keeo, TicTac, Inia, Quagga, GriGri, Foxi

Programm Wöllef

LX - Programm

FEBRUAR

03.	Versammlung	14:00-16:00
10.	SORTIE ,Vitarium‘	
24.	Versammlung	14:00-16:00




MÄRZ

03.	Versammlung	14:00-16:00
10.	Versammlung	14:00-16:00
17.	Versammlung	14:00-16:00
24.	Versammlung	14:00-16:00



ABRELL

07.	SORTIE ,Misärshaff‘	
21.-22.	FNEL SIXPLO	
28.	Versammlung	14:00-16:00



MEE

05.	SORTIE ,Päiperlècksgaart‘	
12.	Versammlung	14:00-16:00
19.-22.	PËNGSCHTCAMP	

JUNI

02.	Versammlung	14:00-16:00
09.	Versammlung	14:00-16:00
16.	SORTIE ,Fest vun der Natur‘	
22.	FAACKELZUCH	
23.	keng Versammlung	
30.	Versammlung	14:00-16:00



Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Raschka, Tschill, Baloo

Programm Scouting SG - Programm



FEBRUAR

- 03.-04. WEEKEND
- 10.+17. keng Versammlung (Vakanz)
- 09.-18. TECHUANA'18 (ab 14 Joér!!!)
- 24. Grouss BAACK-AKTION fir de Sail'18

MÄRZ

- 03. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 10. FNEL Explor 14:00-16:00
- 17. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 24. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 31. keng Versammlung (Vakanz)



ABRËLL

- 07. keng Versammlung (Vakanz)
- 13.-15. OUSCHTERCAMP
- 18. Elterenversammlung SAIL 19:00 am Home Mamer Wiselen
- 21. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 28. Patrullenversammlung 14:00-16:00

MEE

- 05. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 12. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 19.+26. keng Versammlungen (Vakanz)
- 19.-22. GRUPPEN PËNGSCHTCAMP



Lenks Patt

Tamia / Aleksis / Ketty & Charel

Programm RovEx

RovEx - Programm

D`RovEx Branche, eng Branche vir Explorer, Cheffen an Rover bidd eis d'Meiglechkeet, méi Aktivitéiten mat enger méi grousser Unzuel vu Leit ze maachen. All Member am Alter vun 16-26 Joér ass wëllkomm hei matzeschaffen an un all eisen Aktivitéiten deelzehuelen.



D`Ziel vun der Branche ass et, nei Fréndschaften ze schléissen an bestehend Bekanntschaften ze festegen, mee och e Programm ze gestalten deen dem Alter entspricht an de Scoutsgeecht baibehällt an verdéiwt.

Méi Informatiounen bei dengen RovEx Cheffen...

FEBRUAR 2018:

- 09.-18. Techuana
- 24. Grouss BaackAktion fir den Sail'18
- 24. FNEL RO-Quiz

MÄRZ

- 17. RovEx - Meeting (MAX Formation)
- 24. RovEx - Meeting

ABRËLL

- 18. Elterenversammlung fir den Sail'18 > RV 19Auer Home MW
- 28.-29. Rover-Weekend

MEE

- 04.-06. FNEL RO-Camp fir 100Joér um Cents
- 05.-06. FNEL EX-Raid
- 19.-21. PëngschtCamp
- 26. RovEx - SORTIE (MAX Formation)

DIVERS:

- 22.06 Faakelzuch & Grillstand LB
- 08.07 Pow-Wow zu Stroossen
- 14.07 Léiwefest
- 20.-29. SummerCamp > SAIL

More to come...

Lenks TAP,
Aer RovEx Cheffen



PHOTOCOLLAGE Kleeschen Groupe



RAPPORT Sortie Naturmusée BV/LX



Mir hun eis Samstes den 9. Dezemeber um 14 Auer beim Parking am Gronn getraff fir eis Sortie an den Naturmusée. Wou all Mënsch ukomm ass sinn mir zesummen bis bei den Musée getréppelt wou mir eis +-32 Beaver an Wöllef schliisslech an 3 Gruppen agedeelt hun. All Grupp huet op engem aaneren Stack ugefaangen mat besichtegen. Um Rez-de-Chaussée gouf et di allgemeng Viirgeschicht vun der Äerd, mat Fossilien fir unzepaken, verschidden Filmer fir ze kucken di erkläert hun wèi eis Welt virum Mënsch wor.

Um éischten Stack waren dunn Déieren drun, mat allgemeng Erklärungen an souguer wou sëch verschidden Déieren befannen. Op dem Stack gouf et och eng Rutsch déi erëm zeréck op den Rez-de-Chaussée gefouert huet, déi ganz séier ganz beléift ginn ass...

Um leeschten Stack wor dann schliisslech den Highlight: Kaatzenaustellung! Egal op kleng oder grouss, schwaarz oder brong, et waren baal all d'Memberen vum Bagheera sénger Kaatzenfamill vertrueden, do wor hien natierlech ganz glécklech. Um 16:45 hun mir eis dann erëm zeréck op den Wee bei den Parking gemaach wou d'Elteren och schons op hier Kanner gewaart hun. Mir hun nach eng Chaîne des Adieux gemaach befir d'Kanner erëm konnten Heem goen. **Hawky**



RAPPORT KrëschtCamp ganze Grupp

Samschdes den 16. Dezember hun sech d`blo Léiwen um 14 Auer beim Home zu Suessém getraff. Beaver an Wöllef kruutten dunn erzielt dass d`Prinzessin vum schwaarzen Ritter entfouert ginn ass an dat nämmen Beaver an Wöllef d`Prinzessin retten können. Fir dass Beaver an Wöllef och staark genuch dofir sinn, hun se mol een Piste-Postes gemaach fir sech an der Umgebung mol bëssen vertraut ze maan. Duerno gouf et een zimlecht kaalt Gånsespill am Park daat séier färdeg gemaach ginn ass, sou dass mir all zesummen konnten zeréck an d`Home goen wou schon een waarmen Bouillon op d`Kanner gewaart huet, an d`Scouten och schliisslech vun hirem Trajet remkomm sinn. Nom Aperitif gouf et dann och schons Owesiessen an Form vun engem Nuddelsgratin. Nom lessen goufen d`Chargen gemaach an sech prett gemaach fir Nuetsspill. Um Nuetsspill missten d`Kanner an 2 Gruppen opgedeelt probéieren sou vill Aufgaben wéi méiglech ze maan fir ze gewannen. Schlussendlech no engem laangen Daag ass et dann an Bett gaangen.

Um 8 Auer sinn Beaver, Wöllef an Scouten erwächt an kruutten fir Moies Schmieren fir lessen. Duerno sinn natierlech erem d`Chargen gemaach ginn fir dass den Sall propper wor fir déi nächsten Aktivitéit déi ustoung. All gudden Ritter deen eng Prinzessin retten wéll brauch natierlech och een Schëld an een Schwäert, waat se séch mat Kartonplume konnten selwer maachen. No dëser intensiver Bastel ass dann den Sall schon erëm gebotzt ginn, dass Mëttagiessen also Tomatenzopp konnt zerwéiert ginn. No den Chargen missten d`Kanner séch dunn endlech Beweisen an beim Ritterturneier deelhuelen fir selwer Ritter ze ginn. Beaver, Wöllef an Scouten sinn zesummen mat den Cheffen op d`Schlass geträppelt wou schliisslech verschidden Disziplinnen op sie gewaart hun. Dorënner änneren aanerem: Bouschéissen, Minnesang, Parcours, Speerwerfen,...etc. Nom Turnéier gouf dun all Mensch Ritter, an d`Prinzessin konnt endlech fonnt ginn! Als mir erëm all zeréck am Home worn an dunn schonn Owesiessen gekacht hun (Spießercher préparéiert) kruutten mir een Bréif wou Prinzessin eis soot wéi frô se wier dat mir et gerett hun. Dunn koum dann den Haaptplat, Pain de Viande mat Zalot & Spätzelen. Nom ereignisreichen Daag, goufen nach d`Chargen gemaach an all Mensch ass gutt schloofen gaangen.

Den leeschten Daag sinn eis Beaver, Wöllef an Scouten um véierel op 8 erwecht an kruutten nees Schmieren fir ze iessen. No den Chargen sinn Wöllef schliisslech schwammen gaangen, an Beaver an Scouten konnten hier Bastel vum Daag virdrun färdeg mann an hun puer Spiller gespillt bis et schliisslech Thüringer&Mettwurscht Mettes gouf. Nom lessen hun Beaver zesummen mat den Scouten missen Spiller maan fir ze entscheeden wien et wärt ass den Kinnek vum Beaverraich ze ginn. No deenen flotten Spiller sinn Wöllefcher zäitgläich mat den Elteren komm sou dass mir nach eng Chaîne des Adieux maachen konnten, befir d`Elteren hier Kanner erëm mat Heem geholl hun.

Hawky



RAPPORT KrëschtCamp ganze Grupp

KRËSCHTCAMP vun den LX

16.12.17

Als wir angekommen sind haben wir unseren Rucksack an die Wand gelegt. Im Garten haben wir gespielt. Als Céo gepfiffen hat haben wir einen Karé gemacht. Wir haben dann unsere Rucksäcke die an die Wand gelehnt waren ins Home gebracht. Im Schlafsaal haben wir unsere Schlafsäcke ins Bett gelegt und uns ein gelegt. Als Kaa uns gerufen hat haben wir unsere Jacke, unsere Schuhe, Handschuhe, Müze und einen Schal angezogen. Wir sind zu einem Schloss spaziert und haben es uns angesehen. Da sind wir in einem Park spaziert. Im Park haben wir ein Gänsespiel gespielt. Leider war es sehr kalt im Park und es stand ein Pavillon im Park. Das Spiel hatte 50 Felder und die Mannschaft von Tommes hat gewonnen. Wir sind danach wieder ins Home gegangen. Wir sind den gleichen Weg zurück gegangen den wir auch hingegangen sind. Im Home haben wir uns im großen Saal gesetzt und Bouion getrunken. Ein wenig später haben wir zu abend gegessen. Es gab Nudeln mit Käse und Schinken und es war sehr lecker. Nach dem Essen haben wir uns warm angezogen und sind rausgegangen. Draußen haben wir ein Spiel gespielt. Es gab 3 Berufe in dem Spiel. Der 1.Beruf war Steinmetzer, er musste immer Aufgaben lösen und hat dafür kleine Steine bekommen. Der 2.Beruf war Architekt, er musste auch immer Aufgaben lösen hat aber dann dafür Geld bekommen. Eine der Aufgaben vom Architekt ist 6 Petit Beure in einer Minute zu essen. Der 3.Beruf war Saboteur, er musste auch Aufgaben lösen und hat auch dafür Geld bekommen aber er musste zu dem anderen Team Bausteine kaufen gehen. Er sabotierte also so die Burg des anderen Teams. Als ein Team gewonnen hatte sind wir rein gegangen um ungefähr 22.20 sind wir schlafen gegangen.

EMMA

17.12.17

Den zweeten Daag vum Krëschtcamp huet am Bett ugefaangen, natirlech waren ze hard a mir sinn wèi èmmer Frühspor machen gaagnen. Nom Frühstück hu mir dun Schwearter an Schélter gebastelt. Fir d'ëischt hun mir mat den Schablonen d'Schélter an d'Schwerter oof gefuscht, dun hun mir probèiert mat Scheieren, Messeren an Kataren daat alles eraus ze schneiden. O je war daat schwierig !!! E puer haaten och aus Loftballongen hier Schwerter gebastelt. No dem Gebastels sinn mir eraus gaang e bessen Loft schnaapen an mir hun e puer Spiller gemaach. Dun gouf ét Mëttesiessen. Et gouf Tomatenzopp mat Resi an Raam. Leider ass och eng Schossel Zopp op den Buedem gefall an d'Julia an den Levi hun sèch liicht um Fouss verbrannt. Dann wor ét esou weit, an zwar fir eis Ausbildung. Fir d'ëischt missten mer e bëssen Trëppelen an dun missten mir mam Bou scheissen, Neel an een Stamm aschloen, Speer werfen an sou wieder an sou fort. No deems mir rem am Home waren hun mir eis mat enger Britt gudd opgewiermt an dono hun mir eist Festmol préparèiert. Nom lessen missten mir nach dësen Rapport schreiwen an dun goungh ét an Bett.


SHAHEEN



BILLER KrëschtCamp

Beaver&Wöllef

gruppen KrëschtCamp
17.11.2017



Wir haben die Prinzessin gerettet
vor dem schwarzen Ritter
MIA



Wir waren im Garten und
spielten Verstecken : Wir unter
der Hund Baaloo waren im
Park beim Schloss. Wir hatten
zwei Pferde gesehen auf der
Wiese. **ANNA**

PHOTOCOLLAGE

BV SchlittschongSortie



PHOTOCOLLAGE

NEL Explorer Sportsdaag



Dem LEO LEIWF séng Säit



Leo Léiw

Moien dir Blo Léiwen!

Krëschtdaag & Sylvester leit lo schon eng
Zäitchen hannert eis an dofir steet Fuesend grad
virun der Dier an domat och d'Vakanz :) Dofir
dann op dësem Wee vill Spaass gewënscht an
Dëser an nach eng Klengegkeet fir lerch...



Versich 10 FEHLER ze fannen!



KOSTÜM-SODUKU



Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Séchert Ierch elo den

Starter-Pack_Lions Bleus

De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs fir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! Daat Ganzt an enger spezieller Offer fénns du elo némmen an dèngem LBB-Shop vum Vertrauen.



LBB-Pullover




Eenzelpräiss

25 €



LBB-T-Shirt



Eenzelpräiss

12 €



LBB-100-Becher



Eenzelpräiss

16 €



LBB-Kaap/Mutz




Eenzelpräiss

12 €

TOTAL

~~65 €~~

55 €



Aaner Produkt'en am LBB-Shop:

LBB-Mutz	12 €
Foulard	5 €
Knuet	4,5 €
Vademecum (Wöllef)	10 €
Scoutsbichelchen	11 €
De Jaizert	10 €
LBB-Badge	4 €

an nach VILLES mèi !!!

> WÉINI ass den BUTTIK op ??? > vun 15:45-16:15 > **03/02/18, 03/03/18, 21/04/18...**

Lions Bleus NEWS

är Postkaarten

Les Calanques de Cassis



LES CALANQUES DE CASSIS (13)
Calanque de Port-Pin

1er
43255A-01 FRANCE <><><><><>
31-10-17 LA POSTE <><><><><>



Scouts greiss
aus der
Provence
Chloé

Les Lions Bleus
Scouts et Guides FNEL
61, rue de Pulvermühl
L-2356 Luxembourg

Map of Bocas del Toro, Panama
Mapa de Bocas del Toro, Panamá
Carta de Bocas del Toro, Panamá
Mappa di Bocas del Toro, Panama
Landkarte von Bocas del Toro, Panamá



Buenos Días Chicos e
Chicas !
Schöne Botschaft aus
Panama
Kinder Lena & Genia
Prinzessin Prinzessin
Nora

Les Lions Bleus Bonneweie
B.P. 1026
L-1010 Luxembourg
g.-D. ej Luxembourg
EUROPE

Photography & Design by Mark Gert
Panama Internet Information: <http://www.worldheadquarters.com/panama/>



Suomi - tahtavien jaivien maa
Finland - the country of the thousands of lakes
Finnland - Land der tausend Seen
Finlandia - El país de los mil lagos
Finlande - Pays des milliers de lacs
Финляндия - страна тысяч озер

E Schönen Sonntag
mit dem Kuscheligen
Sänger Heimwee?
Wünschen Ihnen
Chloé Yveta



205

Scouts Line Bleus

BOITES POSTALES 23
LU-5601 HESPERANGE
LUXEMBOURG

Luxembourg

Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



LIONS BLEUS - RoverWeekend

JO och fir dës Joër steet nach een un !!!

Schreiwt Ierch de Weekend vum **28.-29.04.2018** schon mol an den Kalenner !!!

Weider Infos deelen mer dann nach mat !!!

MERCI am Numm vun der Organioun :):):)

!!! OPRUFF !!!

Denk drun **Photoen** eranzeginn
(egal op aal oder nei) fir dat mer e flotten
LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen.
Schéckt dës ganz einfach **op**
(foto@lionsbleus.lu)

POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...

an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart schècken?

Dann zèck nüt laang an schèck së op:

Les Lions Bleus BP 23 L-5801 Hesperange

Mir gëifen eis jidderfalls freen an së an der nächster Wandrous publizéieren.

Also e Grond mèi > fir eng Vakanz :):):)



WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
Nouv.Adresse:
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
17:00 - 19:00
Den ScoutsShop ass **ëmmer**
Donneschdes op, ausser
während den Schoulvakanz!!!

ALLGEMENG Datumer:

03-04/02/2018	Bosses&Bobos (1/3)	21-22/04/2018	NaturGames um Misärshaff
08/02/2018	Réunion semestrielle bei den DD	21-22/04/2018	LX Sixplo
24/02/2018	Rover-Quiz	21-22/04/2018	Bosses&Bobos (3/3)
28/02/2018	CoGro	25/04/2018	CoGro
03-04/03/2018	Bosses&Bobos (2/3)	27-29/04/2018	Masterclass
10/03/2018	SG Explo	04-06/05/2018	RO 100Joër Camp um Cents
24-25/03/2018	SG/EX FormationsWeekend	05-06/05/2018	EX Raid
07-10/04/2018	Cp's FormationsCamp	12/05/2018	BV Funday

et schéngt

et schéngt

- 01) dat d'Beaver & d'Wellefcher um Krëschtcamp erausfonnt hätten dass den Hawky eng Prinzessin ass.
- 02) wèi wann um Gruppenkrëschtcamp eng kleng Iwwerschwemmeung ze verkraften wor.
- 03) wèi wann d'Cheffen séch gëigenseiteg beim Kaa doheem op Schëpp geholl hun mam wäissen Kanapé.
- 04) dat d'Nuetsspill den Kanner am groussen Ganzen superflott gefall huet an sie gudd matgemaach hun.
- 05) wèi wann d'Wellefcher emol an enger Versammlung een interessanten Jeopardy gespillt haaten.
- 06) dat eisen Commissaire général, den RENERT zerëckgetruden ass aus berufléchen&familiäre Grënn.
- 07) dat'en Rover vun den Lions Bleus Ufank Dezember nees e klassesgen RO-WE haaten am enken Krees.
- 08) wèi wann een weideren RovEx elo och glëcklechen Proprietär vum Führerschäin dierf sinn.
- 09) dat eis Kanner ganz schéin flässseg wornen an lecker fir eis Memberen op der AG gekacht haaten.
- 10) wèi wann Lions Bleus hieren verstëpsten Image dem neien Zäitalter e bëssi unpassen wollt.
- 11) dat eis Beaver & Wellefcher eng flott, superinteressant an interaktiv Sortie am Naturmusée haaten.
- 12) dat waat Techuana18 ungeet mir schon voll an den Startlächer sinn an eis nees freen neies ze erliewen.
- 13) wèi wann mir dës Joër nees Friteuse aus dem Schaaf huelen & an der Keelt Fueskichelcher ausbaacken.
- 14) dat den RoverQuiz vun den Welle Säi & Panthères noires organiséiert gët am Thema 'Back to childhood'
- 15) wèi wann op dem RovEx-Meeting ét nüt esou einfach wor d'Cache bei PanoramaLift ze fannen.
- 16) dat d'Beaver & d'Wellefcher letztens mol nees emol eng flott Versammlung zesummen SA haaten.
- 17) wèi wann den Summercamp SAIL voll an der Planung ass an dëi 3 Segelbooter schon reserveiert sinn.
- 18) dat den Datum vum Lèiwefest schon feststeet an dir lerch elo scho sollt den 14.07 am Kalenner notièreien
- 19) wèi wann d'FNEL zesummen mat geschèckten Lèit 2 flott Dokumentationsfilmer gedräint huet.
- 20) ...

et schéngt nüt némmer

et schéngt nüt némmer

- 01) wèi wann Sie fir daat Erauszefannen laang & komplizièert FBI Forschungen hun missten leeschten.
- 02) dat ét nüt esou einfach ass wann een nüt oppasst an nüt weess wèivill Waasser am Dëppen dran ass.
- 03) dat Eent drop eragefall ass an gegleewt huet dat den PelzKanapé aus deem aalen Hand gemaach gouf.
- 04) wèi wann och taatsächleg jiddereen ét verstaanen haat vun Beaver-Scout, ausser den Michel :
- 05) dat Froën nüt esou einfach worn, well d'Ureinwohner vun Australien sollen anscheinend Känguru sinn.
- 06) wèi wann mir him op sèngem neie Wee zu NY all Gudds wënschen an mer en heiando na 1x rémgesinn
- 07) dat Sie daat nüt gestèiert huet, vill Spaaß um Start wor virun allem nom WE waat wuel un de KM loung.
- 08) dat daat mam Fueren awer esou eng Saach ass, an den Auto wuel nüt èmmer deen richtegen Wee kennt
- 09) wèi wann di nei Formule fir Assemblée générale gudd ukomm wier an de Lèit och Alles geschmaach hätt.
- 10) dat der lerch iwwerraschen loessen duerft waat nach kënnt an eben de Logo schon op der 1. Säit gesidd.
- 11) wèi wann dëi vun kleng op grouss super unkomm ass an virun allem Kaazenaustellung den HIT wor.
- 12) dat dës Joër just e klenge CRUE matgeet dofir awer een gudden an d'Kachekipp jonk Ënnerstëtzung kritt
- 13) dat nees eng BaakAktion unsteet den 24.02.18 an mir eis freen iwwer all Kicherlchertuut dëi bestallt gët.
- 14) wèi wann RovEx séch schon ungemellt hätten mat enger Ekipp fir 99% ze ginn, haapsaach 2. Platz :
- 15) dat daat nüt schlëmm wor an mir eben eng Mobiliteitsversammlung featuring Geocaching@Letz'City hun.
- 16) wèi wann Sie Munches geléiert hun an ènner aanerem ganz gespaant der Signe de Piste nogaang sinn.
- 17) dat virum Start awer nach genuch unsteet ier mer den Wand an d'Segelen bloosen kënnen loessen.
- 18) wèi wann dës Joër mol eppes ganz Neies kënnt an mir lerch härzlech an eis Zirkuswelt invitieren.
- 19) dat dëi wiirklech flott si an dir fannt së op: <https://vimeo.com/243644938> & <https://vimeo.com/243645502>
- 20) ...

les amis des Lions Bleus

amis LBB

Meyer Arlette, Majerus Tina, Mme Fay-Bisdorf, Sinner Robert, Anonyme, Majerus Patrick, Federmeyer Berthe, Grün Joe, Rohmer Kevin, Heinen Gerard, Famille Reiners, Thibo Charles, Schintgen Claude, Famille Mchale Evelyne-Drennan, Goebbels Joanne, Fam. Klein-Schmit, M.Silvoso Vizcaya Manuel ...

3 Mèintprogramm

februar'18

Dd	1	
Fr	2	
Sa	3	Beaver/Wöllef SG Weekend
Sa	4	SG Weekend
Me	5	
Dë	6	
Më	7	Permanence
Dd	8	
Fr	9	Techuana Start owes
Sa	10	LX Sortie Techuana
Sa	11	Techuana
Me	12	Techuana
Dë	13	Techuana
Më	14	Techuana
Dd	15	Techuana
Fr	16	Techuana
Sa	17	Techuana
Sa	18	Techuana
Me	19	
Dë	20	
Më	21	COGRA
Dd	22	Comité
Fr	23	
Sa	24	Beaver/Wöllef Grouss LBB - BaackAktion FNEL RO-Quiz
Sa	25	
Me	26	
Dë	27	
Më	28	Permanence

märz'18

Dd	1	
Fr	2	
Sa	3	Beaver/Wöllef/Patrull
Sa	4	
Me	5	
Dë	6	
Më	7	
Dd	8	
Fr	9	
Sa	10	Wöllef BV Sortie FNEL SG Explor
Sa	11	
Me	12	
Dë	13	
Më	14	COGRA
Dd	15	Comité
Fr	16	
Sa	17	Beaver/Wöllef/Trupp/RovEx
Sa	18	
Me	19	
Dë	20	
Më	21	
Dd	22	
Fr	23	Wandrouseinsendeschluss
Sa	24	Beaver/Wöllef/Patrull
Sa	25	
Me	26	
Dë	27	
Më	28	
Dd	29	
Fr	30	Wandrousredaktionsschluss
Sa	31	

3 Mèintprogramm

abrëll'18


Sa	1	
Me	2	
Dë	3	
Më	4	
Dd	5	
Fr	6	
Sa	7	LX Sortie
Sa	8	
Me	9	
Dë	10	
Më	11	
Dd	12	
Fr	13	SG Camp
Sa	14	SG Camp
Sa	15	SG Camp
Me	16	
Dë	17	
Më	18	E-Versammlung de SAIL 19 Auer Home Mamer Wise
Dd	19	Comité
Fr	20	
Sa	21	Beaver/Trupp FNEL LX Sixpl <small>ing</small> MH
Sa	22	FNEL LX Sixp <small>lo</small> NaturGames (MH)
Me	23	
Dë	24	
Më	25	COGRA
Dd	26	
Fr	27	
Sa	28	Beaver/Wöllef/Patrull LBB RO-Weekend
Sa	29	LBB RO-Weekend
Me	30	

Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu



fne
scouts & guides
Lions Bleus Luxembourg
100
anniversaire
1913-2013



D'RovEX op hierer Mobilitäts-
versammlung featuring Geo-
caching @ Lëtz'City



* THAT'S ALL FOLKS